N° 3824
Entrée le 20.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Wéi d'WORT an engem Artikel vum 18te Mäerz 2026 beriicht, sinn de fréieren MUDAM-Direkter zesumme mat senger Fra am Kader vun enger Geriichtsaffär zu enger Geld- a Prisongsstrof verurteelt ginn.

Dës Affär ass indirekt gebonnen un eng aner Affär vun 2016, wou de fréiere Generaldirekter vum Mudam an engem juristesche Sträit ass mat Mataarbechter vun RTL. Bei dësem Prozess huet de Staat dem Ex-Mudam-Direkter seng Affekotskäschten iwwerholl a virausbezuelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Goufen d'Affekotskäschten vun dëser Affär vum Staat bezuelt oder iwwerholl?
2. Goufen d'Affekotskäschten vun der Fra vum Ex-Mudam-Direkter vum Staat bezuelt oder iwwerholl?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés